



Luxembourg, le 25 FEV. 2021

Réf. : 836xe1546

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le
Parlement

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 3562 du 2 février 2021 de Monsieur le Député André
Bauler

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 3562 du 2 février 2021 de Monsieur le Député André Bauler au sujet de « Lichtmëssdag » avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.



Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP n° 3562

Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op déi parlamentaresch Fro n° 3562 vum 2. Februar 2021 vum Här Deputéierten André Bauler

Liichtmëssdag an änlech Traditioune gi vun der UNESCO als liewegt oder "immateriellt" Kulturierwe bezeechent. D'UNESCO-Konventioun fir d'Erhale vum immaterielle Kulturierwe vun 2003 geet dobäi vu folgender Feststellung aus : "les processus de mondialisation et de transformation sociale (...) font (...) peser de graves menaces de dégradation, de disparition et de destruction sur le patrimoine culturel immatériel, en particulier du fait du manque de moyens de sauvegarde de celui-ci". Och wann déi konkret Entwécklung schwéier anzeschätzen ass, sinn ech mir dach bewusst, datt Liichtmëssdag an änlech Traditioune, sou wéi mer se kennen, riskéieren ze verschwannen an hunn aus dëser Ursach am Gesetzesprojet iwwert d'Kulturierwen (Dossier parlementaire n° 7473) e ganz Kapitel fir d'Erhale vum immaterielle Kulturierwen firgesinn.

Och de Notze vum liewege Kulturierwen gëtt vun der UNESCO-Konventioun bei senger Definitioun ganz kloer erläutert: "Ce patrimoine culturel immatériel, transmis de génération en génération, est recréé en permanence par les communautés et groupes en fonction de leur milieu, de leur interaction avec la nature et de leur histoire, et leur procure un sentiment d'identité et de continuité, contribuant ainsi à promouvoir le respect de la diversité culturelle et la créativité humaine" (art.2). Dës lieweg Traditioune sinn e wichtige Faktor vu sozialem Zesammenhalt a Resilienz och grad a Krisenzäiten. Mee ebe well se lieweg sinn, a sech stänneg de Gegebenheeten upassen, genee esou wéi d'Mënschen déi se praktizéieren, kënnen esou Bräich nët am legal-technesche Sënn vum Wuert „geschützt“ ginn. Duerch d'Aschreiwen op e nationalen Inventar - an an Ausnahmefäll op d'UNESCO-Repräsentativlëscht - engagéieren sech de Vertragsstaat zesumme mat den Trägergemeinschaften vun der entsprecherender Traditioun, hiert immateriellt Kulturierwen esou gutt et geet um Liewen ze halen an un aner Leit a Generatioune weiderzeverméttelen. Dofir schwätzt d'UNESCO bei de liewegen Traditioune eben net vu „schützen“ (duerch de Staat), mee vun „erhalen“ duerch d'Leit selwer mat Hëllef vum Staat. Zousätzlech op d'UNESCO-Repräsentativlëscht kënn ee Brauch dann och nëmmen, wa ka bewise ginn, datt esou eng Aschreiwung der ganzer Welt e Notze bréngt, ouni datt domadder awer e „Schutz“ duerch d'UNESCO selwer verbonne wier.

Näischt verbitt a priori, bei der UNESCO eng Demande eranzereche fir Liichtmëssdag op d'Repräsentativlëscht vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet opzehuelen. D'Grondvoraussetzung dofir ass, dat déi Leit, déi hei am Land liichte ginn – déi sougenannten „Trägergemeinschaften“ - esou eng Kandidatur ausdrécklech wëllen a selwer entsprecherend aktiv bei dëser Kandidatur matmaachen. Da muss awer och der UNESCO kënne bewise ginn, wat fir si an déi aner Vertragstaaten vun der Konventioun esou eng Aschreiwung vu Liichtmëssdag géing bréngen. Well Liichtmëssdag och a sëllegen anere Länner op der Welt gefeiert gëtt, muss kloer erausgeschafft ginn, wat d'Spezifizitéite vum Liichtgoen zu Lëtzebuerg sinn. An engems muss gekuckt ginn, op an anere Länner, ugefaangen bei eise Noperen, et net en änleche Brauch wéi eist Liichtgoe fir Liichtmëss gëtt. An deem Fall misst ee sech nämlech iwwerleeën, eng multinational Aschreiwung an d'A ze faassen, zesumme mat alle Länner, wou d'Kanner fir Liichtmëssdag liichte ginn.

Fir kënnen eng Ufro fir d'UNESCO-Repräsentativlëscht ze maachen, muss den entsprecherende Brauch fir d'éischt emol op engem nationalen Inventar vum immaterielle Kulturierwen opgeholl sinn. Dëst Aschreiwen op en nationalen Inventar muss, genee esou wéi d'Kandidatur fir op d'UNESCO-Repräsentativlëscht, op ausdréckleche Wonsch an an enger Zesummenaarbecht mat deene Leit geschéien, déi dee Brauch als hiert Kulturierwen ugesinn, e selwer praktizéieren, an en och un aner Leit weiderverméttelen wëllen. Da muss dee Brauch awer och de Krittäre vun der UNESCO-Konventioun entsprechen, a fir d'Aschreiwung op d'Repräsentativlëscht, den entsprecherenden UNESCO-Uspréch.

Dofir gëtt am leschtgenannte Fall och de consultativen Avis vun der nationaler UNESCO-Kommissioun geholl, éier de Kulturministère d'Entscheidung hält, e Brauch op de nationalen Inventar anzeschreiwten an doriwwer eraus eng Kandidatur fir d'UNESCO-Repräsentativlëscht ze stellen. Am entsprecheende Fall gëtt dann den ausgefëllte Kandidaturdossier mat allen Ënnerlagen, zu deenen och e Film gehéiert, vum Lëtzebuerger Delegéierte bei der UNESCO zu Paräis deposéiert. Am Fall vun enger multinationaler Kandidatur mussen all déi concernéiert Länner déi Prozedur zesummen duerchféieren. D'UNESCO préift dann den Dossier an leet en dem Tëscherregierungskomitee fir d'Erhale vum immaterielle Kulturerwe vir, deen eemol am Joer zesumme kënn. Dëse Komitee hält dann seng Entscheidung op Avis vun engem onofhängege Préifungsorgan. Tëscht dem Areeche vun der Kandidatur an der Entscheidung vun der UNESCO verginn wann alles gutt geet quasi 2 Joer.

Ech si gäre bereet esou eng Prozedur an d'Weeër ze leeden. Dofir brauch ech eng entsprecheend Ufro vun deene Leit hei am Land, déi d'Liichtgoen als hiert Kulturerwen ugesinn, et praktizéieren a weiderginn, an déi bereet sinn, bei esou enger UNESCO-Kandidatur aktiv matzemaachen.

Dat nämlecht gëllt och fir all déi aner Bräich an Traditionen hei am Land, déi zu eisem liewege Kulturerwe gehéieren an et dofir verdéngen erhalen ze ginn. Och hei sinn ech gäre bereet, den Trägergemeinschaften beim Erhale vun hirem Kulturerwen ze hëllefen insofern déi dat wëllen.